



Positiounspabeier

Beschloss um Landeskongress 2012.1

Thema:

Wahlalter stufeweis op 13 Joer erofsetzen!

D'Wahlrecht ass am Artikel 21 vun der allgemenger Mënscherechtserklärung als Grondrecht verankert. Net d'Participatioun un dësem Recht muss begrënn't ginn, ma am Géigendeel d'Exklusioon vu Persounegruppe vun dësem Recht. Eng Exklusioon fënnt duerch d'Net-Unerkennung vu Kanner als Bierger statt, woumanner si just passiv Empfänger vu gesellschaftspoliteschen Entscheedunge ginn, ouni d'Méiglechkeet zu hunn se aktiv matzegestalten. Kanner a Jugendlecher ginn zwar als Bierger vu muer ugesinn, ma net als Bierger vun haut, déi och partizipéiere wëllen. D'Wahlalter stellt eng Aschränkung vun de Biergerrechter vu Kanner a Jugendlechen duer a muss dowéinst uerdentlech begrënn't ginn. Den Ausschloss vun 13 bis 17-Järege vum Wahlrecht op Basis vun Thesen iwwert hir feelend Fähegkeet, politesch Zesammenhäng ze verstoen, hält awer enger empirischer Iwwerprüfung net stand.

Ab engem Alter vun ongeféier 13 bis 14 Joer ginn Jugendlecher de gläiche Grad u politeschem Interessi un ewéi d'Altersgrupp vun den 18 bis 25järege¹. Jugendlecher sinn hautdesdaags ausserdeem vill méi eegestänneg wéi nach viru Jorzéngten. D'Emanzipatioun vum Liewensstil vun den Eltere setzt meeschtens schon am Alter vun 12 bis 13 Joer an¹. Am Alter vun 12 bis 14 Joer entwéckele vill Jugendlecher di néideg Urteelskraaft fir abstrakt Problemer ze verstoen, ethesch Positiounen ze entwéckelen a verantwortungsvoll Entscheedungen ze treffen¹. Aus anthropologescher Siicht si Kanner am Alter tëscht 7 an 12 Joer sou wäit entwéckelt, dass hiert Iwwerliewen nemei vun aneren ofhängeg ass.

Wien wielen dierf, interesséiert sech méi fir Politik. Duer dat feelend Wahlrecht gi Kanner a Jugendlecher ze spéit an der demokratescher Kultur bedeelegt an domat d'Chance verdinn, se fréi fir d'Politik ze begeeschteren an anzebannen. Et ass dowéinst wünschenswäert, Kanner a Jugendlecher méiglechst fréi d'Participatioun un de Wahlen ze erméiglechen. Politeschen Desinteressi géing nemei 18 Joer laang ageübt ginn, ma amplaz kéinten sech Jugendlecher demokratesch abrénge, géingen sech méi informéieren an et géinge méi Ureizer bestoen hinne politesch Informatiounen zur Verfügung ze stellen. D'politesch Bildung an der Bevëlkerung géing nohalteg verbessert ginn. Den duerch d'Erofsetze vum Wahlalter opriedende politesche Froe vu Kanner a Jugendlechen ass och duerch en méi staarkt Gewiicht vu politescher Bildung am Schoulalldag Rechnung ze droen.



Fuerderungen

- D'Piratepartei fuerdert laangfristeg d'Erofsetze vum Wahlalter op 13 Joer bei de Kommunal-, National- an Europawahlen. Fir 13- bis 18-järeg erfuerdert di éischt Ausübung vun dësem Wahlrecht en eegestännegt Androen an d'Wielerlëscht. Eng Stellvertriederwahl duerch Erzéiungsberechtegt lehne mir of. Och direktdemokratesch Participatiounsméiglechkeete sollen net duerch ze héich Altersgrenzen ageschränkt ginn.
- Kuerzfristeg fuerderen d'Piraten d'Aféiere vun engem Wahlrecht (keng Pflicht) fir 16- bis 18-järeg bei alle Wahlen.
- Begleedend zum Erofsetze vum Wahlalter fuerderen d'Piraten eng Reform vun der politescher Bildung. En ausféierlechen an aktualitéitsnoe Cours, deen sech mat Ereegnisser am Land beschäftegt, muss Jugendlechen a Kanner zur Verfügung stoe fir dass si dat politescht Geschéien am Land verfollegen a verstoe kënnen. Zousätzlech musse Kanner a Jugendlecher an engem Politikcours fréistméiglechst, spéitstens am Alter vu 14 Joer, un demokratesch Entscheidungsprozeduren erugefouert ginn a selwer matbestëmme kënnen. Schoule müssen an demokratesch Bildungsariichtunge verwandelt ginn, an deene Schüler a Schülerinne gläichberechtegt mat Elteren a Schoulmeeschteren entscheeden. Nëmmen esou kënnen Kanner a Jugendlech Demokratie kenneléieren a politeschen Interessi an e Gespier fir politesch Participatioun entwéckelen. Schülerorganisatioune wéi de Schülercomité sollen en méi héiche Stellewäert an der Schoul hunn an aktiv un den Entscheidungen an der Schoul deelhuele kënnen.